CSV FRAKTIOUN

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

Lëtzebuerg, den 03 Dezember 2019

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
03 DEC. 2019
1560

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un den Här Bildungsminister weider ze leeden.

Den Educatiounsministère organiséiert fir all 3ième Klassen e Concours wou de Präis, fir eng ronn 100 Schüler, eng Rees op Dubai 2020 ass.

Vu dat den Minister net op meng mëndlech Froen den 3. Dezember an der Chambersplénière während der Froestonn geäntwert huet, well ech folgend Froen nach eng Kéier stellen:

- Kann de Minister eis méi Detailer gin em wat et am Concours präzis geet ?
- Wat sinn d'Frais'en vun dëser Rees?
- Ween iwwerhëlt dës Frais'en?
- Wéi laang dauert dës Rees respektiv Excursioun?
- Wéi vill Enseignant'en gi mat op dës Excursioun?
- Wat fir eng Enseignant'en si virgesinn fir mat ze goen?
- Kann de Minister eis Prezisioune gi wéi de Programm fir d'Schüler op der Plaz ausgesäit?
- Kréien d'Schüler nieft dem kulturellen Deel, och de gesellschaftlechen a politeschen System vun Dubai erkläert?
- Gedenkt de Minister esou Concours'en och op nationalem Niveau ze organiséieren, dëst z.B. am Kader vun Esch2022?

Mat déiwem Respekt,

Georges Mischo

Deputeierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 14 janvier 2020

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés

19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 1560 de Monsieur le Député Georges Mischo**

**Ad 1)**

**Thema vum Concours**

Als Organisateur vun der Weltaustellung 2020 zu Dubai hunn d'Vereenegt Arabesch Emirater (VAE) d'Thema "Connecting Minds, Creating the Future" virginn. De Lëtzebuerger Pavillon zu Dubai gräift dëst Leitmotiv bewosst op a steet dowéinst ënnert dem Motto "Resourceful Luxembourg". Den Educatiounsministère lancéiert an dësem Zesummenhang e Fotosconcours ënnert eben dësem Motto.

D'Ressourcë vu Lëtzebuerg sollen dobäi am Mëttelpunkt stoen. De Schüler, deen um Concours deelhëlt, wielt tëschent fënnef Themeberäicher e Schwéierpunkt, deen et ze behandele gëllt:

a) Le Luxembourg, une richesse dans la diversité
b) Le Luxembourg, au cœur de la nature
c) Le Luxembourg, un laboratoire pour le futur
d) Le Luxembourg, Smart Nation
e) Le Luxembourg, une nation fondée sur les principes d'un État de droit

**Modalitéite vum Concours**

De Schüler schaaft op der Basis vun enger oder méi Fotoen e kënschtleresche Méiwäert, andeem hien d'Fotoe beaarbecht. Als Technike wieren hei ënner anerem Collagen, Fotomontagen oder Textaschlëss ze nennen.

De Concours ass op fir all 3es-Schüler aus dem Lëtzebuerger Secondaire. D'Aarbechte kënnen tëschent dem 4. an dem 31. Mee 2020 op enger gesécherter Plattform déposéiert ginn. E Jury, deen sech aus Fachenseignanten, Vertrieder vum Ministère a Konschtexperten zesummesetzt, determinéiert d'Gewënner vum Concours.

**Ad 2) - 7)**

D'Rees dauert sechs Deeg an ëmfaasst de Besuch vun der Weltaustellung wärend zwee Deeg, e kulturelle Programm, deen ënner anerem d'Geschicht vum Land an de Fonctionnement vum Staat thematiséiert, eng Visitt vun enger Stad, e Besuch vun engem Musée an enger Moschee souwéi eng Rei Fräizäitaktivitéiten.



127-000188-2004816-FR

29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85100
Fax (+352) 247-85113
info@men.lu
www.men.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

D'Schüler gi begleet vu jee enger Léierpersounen aus hire jeeweilege Lycéeën. De pädagogeschen Encadrement gëtt duerch eng 30 Persoune garantéiert. De Choix vun der Begleetpersoun läit bei de respektive Lycéesdirektiounen.

De genaue Käschtepunkt vun der Rees ass nach net bekannt; d'Fraise wäerten iwwert de Staatsbudget gedeckt ginn.

**Ad 8)**

Nieft dem kulturellen Deel wäerten d'Schüler vum Léierpersonal selbstverständlech och Informatiounen zum gesellschaftlechen a politesche System vun Dubai kréien.

**Ad 9)**

Gären huelen ech d'Suggestioun vum honorablen Deputéierten op, fir änlech Concoursen op nationalem Niveau ze organiséieren, zum Beispill am Kader vun Esch 2022.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse